N°8378
Entrée le 26.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Här Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Fro n° 8378 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Examen du secteur communal"**

De *Projet de règlement grand-ducal modifiant : 1° le règlement grand-ducal modifié du 20 décembre 1990 portant fixation des conditions d'admission et d'examen des fonctionnaires communaux ; 2° le règlement grand-ducal modifié du 23 avril 2021 portant organisation de la formation pendant le service provisoire des fonctionnaires communaux ainsi que du cycle de formation de début de carrière des employés communaux*[1], deen d'Konditioun vun der Réussite bei der Epreuve d'aptitude générale fir d'Participatioun um Admissibilitéitsexame fir de Gemengesecteur ofschaaft, ass den 21. Juni 2023 vum Regierungsrot ugeholl ginn.

Dës Modificatioun huet dat duebelt Zil, fir engersäits d'Prozedur fir d'KandidatInnen ze vereinfachen an ze accéléréieren an anerersäits de Pool vu KandidatInnen, déi sech op ee Fonctionnairesposten am Gemengesecteur mellen, ze vergréisseren.

Vun deem Moment un, wou dës Dispositiounen a Kraaft trieden, wäert sech d'Fro vun der zäitlecher Koordinatioun tëschent den zwou Epreuven net méi stellen.

De Projet ass säit dem 27. Juni 2023 beim Staatsrot.

Lëtzebuerg, de 26.10.2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding

[1] https://legilux.public.lu/eli/etat/projet/pr/20230123